N°1342
Entrée le 10.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.10.2024
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 10. Oktober 2024**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Mengen Informatiounen no geet ervir, dass ëmmer méi Schüler sech dozou entscheeden hir schoulesch Ausbildung an engem vun de Nopeschlänner ze maachen anstatt zu Letzebouerg.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Kann den Educatiounsminister dës Aussoe confirméieren? Wa jo, huet den Educatiounsminister offiziell Zuelen déi dëss Aussoe bestätegen? Huet den Educatiounsminister offiziell Zuelen vun denen Schüler déi och hiren Oofschloss am Ausland maachen?
- Wéi eng Ursaachen geséit den Educatiounsminister doran, dass Schüler zounehmend an d'Ausland an d'Schoul ginn?
- Wéi eng Mesuren geséit den Educatiounsministère fir fir an Zukunft esou eng Fuite vun de letzboieschen Schüler an auslännesch Schoulen ze vermeiden?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles

Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1342 vum honorabelen Deputéierte Paul Galles**

**Ad 1) an 2)**

Opgrond vun der Entwécklung vun der Zuel vun de schoulflichtege Schüler, déi hir Residenz zu Lëtzebuerg hunn an am Ausland beschoult ginn (cf. den Tableau hei drënner), kann ech d'Aussoe vum honorabelen Deputéierten net bestätegen.

| ***Schouljoer*** | ***Schoulpopulatioun*** | ***Unzuel vu Schüler déi am Ausland beschoult sinn*** | ***Prozentsaz*** |
|---|---|---|---|
| 2018-2019 | 79.110 | 3.711 | 4,7 % |
| 2019-2020 | 80.347 | 3.520 | 4,4 % |
| 2020-2021 | 81.400 | 3.628 | 4,5 % |
| 2021-2022 | 82.519 | 3.405 | 4,1 % |
| 2022-2023 | 84.597 | 3.403 | 4,0 % |
| 2023-2024 | 85.846 | 3.057 | 3,6 % |

Ee Wuert zur Methodologie: Dësen Tableau berout op den Zuele vun deene Jonken, déi der Schoulflicht ënnerleien, sou wéi se vum STATEC jeeweils op den 1. Januar erfaasst sinn; dovunner ofgezu ginn déi Jonk, déi zum selwechten Zäitpunkt an den nationale Schouldatebanken (Scolaria a Fichier élèves) figuréieren, an den Europaschoulen I an II oder an enger internationaler Privatschoul zu Lëtzebuerg beschoult ginn.

D'Zuel vun de Schüler, déi am Ausland hiren Ofschloss maachen, läit net vir.

**Ad 3)**

Fir ze verhënneren, datt Lëtzebuerger Schüler an eng Schoul an d'Ausland ginn, muss eise Schoulsystem weiderhin de Besoinen an de Realitéite vun der Gesellschaft Rechnung droen, dëst ënnert anerem duerch den Ausbau vun der ëffentlecher europäescher Schouloffer.

Lëtzebuerg, den 13. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH